# LOUTRES NEWS



Sep, Oct Nummer 1/2020/2021

LUXEMBOURG - 1
Port Payé
P/S.311

## Homescouting



## Scoutsrentrée
## 19. September 20


LES LOUTRES DE MERSCH, GROUPE SCOUT AFFILÉ À LA FNEL

Adresse officielle :
**"Les Loutres de Mersch " A.S.B.L**
B.P.31
L-7501 MERSCH

Adresse rédaction
Loutres News
c/o Jacoby
17, rue des Champs
L-7521 Miersch

# Loutres News N°01 2020/21

Eng Zeitung fir all Loutres oder fir déi, déi eng kennen gin.
Kennt mindestens 6x am Joer eraus.

| | |
|---|---|
| Rédactioun: | Jacoby Vic |
| Mataarbecht : | D´Cheffen vun den Loutres<br>An all Member, deem des Zeitung nët egal ass. |
| Drock: | Eegen Drock |
| Adress: | LOUTRES NEWS<br>c/o Jacoby<br>17, rue des Champs<br>L-7521 Mersch<br>Tel: 691631616 |
| Adress vum Home: | 16, Haardter Wee<br>L-7534 MERSCH<br>B.P.31<br>L-7501 Mersch |
| Internet: | www.scouts-loutres.lu |
| Konto: | Les Loutres Mersch<br>**CCPL : LU97 1111 0731 7537 0000** |

| | |
|---|---|
| Beaver Branche | LU03 1111 2051 4284 0000 |
| Wellefchers Branche | LU98 1111 2051 4385 0000 |
| Scouts Branche | LU94 1111 2051 4587 0000 |
| Explorer Branche | LU92 1111 2051 4688 0000 |

LOUTRES SHOP: Frot bei de Chefen no wann der eppes feelt:






Loutres T-Shirt (25 €) Softshell (45€)

**Fro einfach bei dengen Chefen**

**50 Joer Loutres Badge kriss de wanns de nach keen hues.**

## Gudde Moien

Mir wäerten eise Kommunikatiounswee mat eisen Memberen der heiteger Zäit upassen.

Dëst heescht dass mer an Zukunft op eng méi digital Aart a Weis dir Informatiounen zoukommen loossen.

Heimadder si mer méi flexibel wat mer grad zu Covid Zäiten brauchen. Dass mer och nach Pabeier spueren ass wuel jidderengem bekannt.

Konkret heescht daat dass mer Infoen a Form vun Newsletter vermailen. Dofir ass et wichteg dass d'Adress déi och am Gebrauch ass op Newsletter abonnéiert ass.

Et ass méiglech sech selwer ze abonéieren mee fir den Ufank setze mir är Adress direkt dran.

Hei gesäis de en provisoreschen Layout wei dat ganzt kéint ausgesinn.

Infoen per Mail tëscht Mai an Juli hat jo schonn gudd geklappt sou dass dëst och keen gréisseren Challenge däerft sinn.

Dofir hu mir och eng extra Email Adress kreéiert fir des Infoen ze verscheken. Dir kent awer och bei Froen direkt op déi Adress eis schreiwen: newsletter@scout-loutres.lu

Falls är Email Adress geännert sollt hunn, oder dir är Newsletter op eng aaner Email wëllt kréien dann schéckt eis déi iwwer info@scouts-loutres.lu eran.




Lenks Patt

Claire Merenz
Michel Grüneisen
Vic Jacoby




Maach Mat a gëff Scout! Dëst Joer starten mir eist Scoutsjoer an Form vun enger Scoutskiermes – Porte Ouverte. Hues du nach e Kolleg deem ‘s de weisen wëlls wat Scouten sinn, da bréng deen och roueg mat fir schnupperen ze kommen. Bei de Beaver sinn leider schonn all Platzen besat, mell dech awer un fir op eis Waardeléscht.

**Natierlech haalen mir eis un d’COVID Restriktiounen dofir denk drun dech unzemellen.**

**D ’Elteren duerfen gären op eisem Infostand all hier Froen stellen.**

Hut der Froen oder wëllt eis kennen léieren da kommt bis laanscht. Wann eppes net kloer ass, kennt Dir Iech gäer bei eis mellen.

Dot iech dem Wieder ugepasst un, well mir sinn dobaussen.

Lenks Patt - D’Cheffen

# Cotisatioun 2020-21

Léif Elteren a Memberen



Fir Member an de Loutres ze sinn, eis Publikatiounen, “De Scout” ze kréien an vun der Assurance gedeckt ze sinn muss jiddereen eng Cotisatioun vun **28€** bezuelen.
Op der leschter AG gouf festgehalen Cotisatioun 3 Euro ze ahéichen vun 25 op 28 Euro.

D ‘Scoutsjoer ass vum 1.9.2020 bis 31.08.2021

Fir eis ganz nei Memberen kennt nach en eemolegen Beitrag vun **18 Euro** derbäi, fir de Foulard an de Knuet, deen se beim Verspriechen kréien.

**28€ (46€ fir nei Memberen)**

**CCPL : LU97 1111 0731 7537 0000**

Les Loutres Mersch
Mentioun : « Cotisatioun 2020/2021»
Numm a Virnumm vum Kand

W.E.G. denkt drun deng Cotisatioun ze bezuelen bis den 15 Oktober 2020.

# Journée commémorative

Mir hoffen och dech dësen Sonnden ze gesinn. Umellen muss de dech net.

Wéini ? Sonndes den **11. Oktober 2020**

Détailer: Des kriss du an enger Newsletter soubal mir se hunn. Den Oflaf ass anescht wéinst dem Covid-19.

Fir ween : Fir all eis Memberen vun jéngsten Beaver bis den eelsten Rover oder Comitésmember



# Eis Aktivitéiten

**D' Versammlungen sinn fir all Branchen vun 14:00-16:00 Auer bei eisem Chalet. Wanns de net kommen kanns da mell dech weg bei dengen Cheffen oof.**

## Beaver

| | |
|---|---|
| 19.09.20: | Scoutskiermes |
| 26.09.20: | Versammlung |
| 03.10.20: | Versammlung |
| 10.10.20: | Sortie Verspriechen |
| 11.10.20: | Journée com. |
| 17.10.20: | Versammlung |
| 24.10.20: | Versammlung |
| *31.10 – 08.11.20* | *Vakanz* |

## Wëllef

| | |
|---|---|
| 19.09.20: | Scoutskiermes |
| 26.09.20: | Versammlung |
| 03.10.20: | Versammlung |
| 10.10.20: | Versammlung |
| 11.10.20: | Journée com. |
| 17.10.20: | Sortie Montée |
| 24.10.20: | Versammlung |
| *31.10 – 08.11.20* | *Vakanz* |

## Scouten

| | |
|---|---|
| 19. 09.20: | Scoutskiermes |
| 26. 09.20: | Versammlung |
| 3.10.20: | Versammlung |
| 10. 10.20 | Versammlung |
| 11. 10.20: | Journée com. |
| 17.-18. 10.20 | WE Montée |
| 24. 10.20: | Versammlung |
| *31.10 – 08.11.20* | *Vakanz* |

## Explorer

| | |
|---|---|
| 19. 09.20: | Scoutskiermes |
| 26. 09.20: | KENG Versammlung |
| 3.-4. 10.20: | WEEKEND |
| 10. 10.20 | KENG Versammlung |
| 11. 10.20: | Journée com. |
| 17.-18. 10.20 | WE Montée |
| 24. 10.20: | Versammlung |
| *31.10 – 08.11.20* | *Vakanz* |

# Beaver

Moien Beaver,

all déi, déi dëst Joër nei an eis Colonie erakomm sinn mussen natierlech och hiert Verspriechen ofleeën. Mir hoffen dir sidd all motivéiert e richtege Scout ze ginn a sidd all mat dobäi!



**<u>RDV</u>**: Samstes, den 10. Oktober um 11:00 beim Home

**<u>Mathuelen</u>**: e Bidon mat Waasser an e klenge Rucksak
Bréngt weg. 5€ mat op de RDV, an et wär schein wann der am viraus <u>d'Beaververspriechen</u> géift e bëssen üben :)

**<u>Zréck</u>**: Mir bieden all d 'Elteren um 15:30 bei eisem Home ze sinn fir hir Kanner beim Verspriechen ze ënnerstëtzen.

**<u>Unmellen:</u>** Bis den 6. Oktober iwwert den Site:
www.scouts-loutres.lu oder beim Marie

**<u>Verspriechen:</u>**
*Ech well e gudde Beaver ginn, deelen ëmmer fläisseg sinn.*

Zéckt net eis äer Froen ze stellen: Marie: 621 376 836 Claire: 691 325 311
Lea: 691 325 322





Lénks Patt,
äer Cheffen.

# Sortie: Montée - Verspriechen

**Salut Wëllef !**

Well mer keen Gruppe WE maache kennen fir Montée maachen Wëllef eng Sortie op Rolleng an de Bësch wou mer Montée an Verspriechen maachen. Dëst ass fir all Wëllefchen egal op en aus de Beaver kënnt, schonn an de Wëllef war oder ganz nei dabei ass.




**Verspriechen:** (et wär schéin wanns du et am viraus e bëssen üben géifs)

*Ech versprieche, mäi Bescht ze man, fir e gudde Wëllefchen ze ginn, an all Dag engem eng Freed ze man.*




Wéini ? Samstes den **17. Oktober 2020**.

RDV ? um 10:00 beim Home um Haardterwee

Vergiess net däin Foulard an Uniform oder Loutres Tenue wanns de eng hues.

Retour ? um 15:45 zu Rolleng beim Pomjeesbau

| | |
|---|---|
| **Präis:** | 8€ deis de einfach den Daag selwer matbréngs |
| **Umellen:** | iwwert eis Webpage scouts-loutres.lu bis den 12. Oktober 2020 |
| **Mathuelen**: | Rucksack mat engem Bidon Waasser, an natierlech gutt Laun. |

Deng Cheffen

# Montée 2020

Gudde Moien, Scout/Guide an Explorer,




- Zäit ass elo komm fir d'Branche ze wiesselen.
- Oder du bass dëst Joer nei am Grupp a mëss däin éischt Verspriechen a kriss däin Foulard
- Oder wëlls einfach e flotten Weekend verbréngen an deng Kollegen an denger Branche ophuelen an hinnen weisen wei et do leeft?

**Rendez-vous** : Samstes den **17. Oktober um 15:00** bei eisem Home
16, Haardter Wee L-7534 Mersch

**Retour:** Sonndes den **18.Oktober um 15:00** bei eisem Home

**Mathuelen:** Uniform, Foulard, Rucksack, Schlofsack, (warmen fir déi nei an dei aal Explorer), (Carry-Mat fir dei nei an dei aal  Explorer), Gamelle, Besteck, Becher, Schlappen, deck Schung, Pyjama, Kichenduch, Wäsch Saachen, dem Wieder ungepassten Gezei, an natierlech gutt Laun.

**Präis**: 20 Euro sinn bis den 13.Oktober op den Kont vun den „Les Loutres Mersch" (CCPL: LU97 1111 0731 7537 0000) ze bezuelen
Mentioun: „Montée 20 + Numm vum Kand", (WICHTEG!!)

**Unmellung:** bis den **10 Oktober** iwwert den Site (ennert der Rubrik Programm fann der Formular Unmellung) http://new.scouts-loutres.lu/formular-umeldung/

---

**Waat as e Verspriechen ?**

Mat engem Verspriechen verflicht e Scout sech géintiwwer engem oder méi aneren eppes ze maachen oder z'ënnerloossen. Et ass also eng Ausso déi de Scout un een oder méi Leit bënnt. E Scout engagéiert sech domat fräiwëlleg vis à vis vu sech an deenen aneren, vu senge Frënn bei de Scouten, am Grupp, der FNEL, zu Lëtzebuerg, an an der Welt.
E Scout deen d 'Verspriechen net anhält, gëtt net bestrooft, mee steet domat ganz alleng virun all senge Frënn an och viru sech selwer.

**Merci däin Verspriechen e bëssen ze üben.**

*Ech verspreche, mäi Bescht ze dinn,*
*Fir meng Flichte géintiwwer der Gesellschaft a mir selwer z' erfëllen,*
*Fir no onsen Prinzipien vum Scoutsgesetz ze liewen*
*a fir mech mat iech zesummen anzesetzen fir eng besser Welt*

Lenks Patt
Deng Cheffen



# Eis Ekipp

| Fonctioun | Numm, Virnumm | Handynummer | Emailadress |
|---|---|---|---|
| President | Jacoby Vic | 691 63 16 16 | vjacobyg@gmail.com |
| Chef de Groupe | Merenz Claire | 661 92 95 92 | claire.merenz@hotmail.com |
| Chef de Groupe adjoint | Grüneisen Michel | 691 32 89 16 | grueneisenmichel@gmail.com |

| Branche | Numm, Virnumm | Handynummer | Emailadress |
|---|---|---|---|
| | Felten Marie | 621 37 68 36 | marie.felten02@gmail.com |
| | Prickaerts Claire | 691 32 53 11 | prickclaire@gmail.com |
| | Prickaerts Lea | 691 32 53 22 | pricklea@hotmail.de |
| | Linden Jacquie | 621 43 34 86 | jacquielinden60@gmail.com |
| | Demoutiez Yannis | 691 85 79 49 | ydemoutiez@gmail.com |
| | Tousch Cassandra | 621 40 07 31 | cassandratousch@gmail.com |
| | Gengler Luana | 661 32 63 45 | luana20022002@yahoo.de |
| | Gallé Maurice | 661 15 66 19 | mauricegalle2@yahoo.com |
| | Jacoby Vic | 691 63 16 16 | vjacobyg@gmail.com |
| | Vosman Jennifer | 621 66 21 14 | jenny_vosman@hotmail.de |
| | Demoutiez Carissia | 691 72 75 69 | cdemoutiez@gmail.com |
| | Tousch Désirée | 621 30 07 32 | desiree.tousch@gmail.com |
| | Prickaerts Pierre | 621 73 87 48 | prickp@hotmail.de |
| | Merenz Claire | 661 92 95 92 | claire.merenz@hotmail.com |
| | Grüneisen Michel | 691 32 89 16 | grueneisenmichel@gmail.com |
| | Grünseisen Paul | 621 15 75 85 | grueneisenpaul@gmail.com |
| | Prickaerts Pierre | 621 73 87 48 | prickp@hotmail.de |